

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 22. Oktober 2020

Här President,


sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den d'Madamm Familljeministeschen an un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Mir ass rezent e Virfall zougedroe ginn, deen am Híbléck op d'Familljen- an d'Schoulpolitik vill Froen opwerft. Eng elengerzéiend Mamm, déi voll berufstäteg ass, huet mir matgedeelt, datt hire sechs Joer ale Bouf op engem bestëmmte Wochendag Mëttes tëscht 12 a 14 Auer keng Méiglechkeet huet, fir kënne betreit ze ginn. Dëse Problem gëtt duerch de COVID-Virus an déi limitéiert Plaze bei de Betreuungsstrukturen nach zousätzlech verschärft. Esouwuel am Fall, wou de Bouf eleng doheem wier, ewéi och am Fall, wou de Bouf sech eleng géif op den Heemwee maachen, befénnt sech déi eleng erzéiend Mamm an der Illegalitéit, wat iwwerdeems verständlech ass, well een an deem Alter d'Kanner net eleng ka loossen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Ass sech d'Regierung bewosst, datt et Leit gëtt – notamment elengerzéiend Persounen -, déi sech an esou enger onméiglecher Situatioun befannen, wou net ka fir d'Kanner gesuergt ginn?
2. Wa jo, wat gedenkt d'Regierung konkret ze ënnerhuelen, fir elo dréngend allen Elteren an elengerzéiend Persounen ze erméiglechen, datt hir Kanner kënnen ouni Ausnam daagsiwwer betreit ginn?
3. A wéi engem zäitleche Kader kënnen déi betrafte Persoune mat enger Léisung vum uewe genannte Problem rechnen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten